CHAMBRE DES SALARIÉS LUXEMBOURG
YOU'LL NEVER WORK ALONE.

ACEL



SEPTEMBER 2024

JONKER

# E STAGE MAACHEN ODER ALS SCHÜLER ODER STUDENT SCHAFFE GOEN



# IMPRESSUM


**CHAMBRE DES SALARIÉS (CSL)**

18 rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

T. (+352) 27 494 200

www.csl.lu
csl@csl.lu

**ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER (Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois Asbl.)**

2 avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

T. (+352) 20 60 84 84

www.acel.lu
contact@acel.lu



D'Informatiounen, déi an der dëser Veröffentlechung enthale sinn, beaflossen op kee Fall d'Interpretatioun an d'Uwendung vun de Gesetzestexter vun de staatlechen Autoritéiten oder vun den zoustännege Geriichter.

Dës Publikatioun ass mat grousser Suergfalt ausgeschafft ginn. Den Editeur an den Auteur sinn net haftbar fir e méiglechen Oubli oder e Feeler am Text oder fir all Konsequenzen, déi aus der Notzung vun der Informatioun an dëser Publikatioun entstinn.

All Rechter op Iwwersetzung, Adaptatioun a Reproduktioun bleiwe fir all Länner dem Editeur reservéiert.

Ouni schrëftlech Zoustëmmung vum Editeur/Auteur, ass et verbueden dës Publikatioun ganz oder deelweis ze reproduzéieren (besonnesch duerch Fotokopie), se an enger Datebank ze späicheren oder fir de Public an iergendenger Form zougänglech ze maachen.

An dëser Publikatioun gëtt de generesche Maskulinum op eng net-diskriminatoresch Manéier benotzt an nëmmen am Interessi fir den Text méi einfach liesbar ze maachen.

D'Iwwersetzung vu Gesetzestexter ass net gesetzlech bindend, mee déngt nëmmen zu Informatiounszwecker. Nëmmen déi offiziell franséisch Versioun vun de Gesetzestexter ass rechtskräfteg.

# INHALTSVERZEECHNES


I. Aleedend Erklärungen p. **9**

II. Obligatoresch Stagen am Kader vun enger Ausbildung p. **11**

III. Praktesch Stagë ausserhalb dem Schoulprogramm p. **17**

IV. Beschäftegung vu Schüler a Studente wärend de Schoulvakanzen p. **23**

V. Beschäftegung vu Schüler a Studente mat engem befristetem Aarbechtskontrakt (CDD) p. **27**

VI. Aner Méiglechkeeten, fir Beruffserfarung ze sammelen p. **33**

VII. Nëtzlech Kontakter p. **35**





Nora BACK

*Presidentin vun der Chambre des salariés*

# VIRWUERT

Léif Schüler a Studenten,

Fir vill vun Iech sinn d'Stagen oder d'Studentenjobbe wärend der Summervakanz en éischte Schrëtt an d'Beruffswelt. Fir e puer Deeg oder Wochen taucht Dir an eng Welt an, vun där Dir no an no entdeckt, wéi se funktionéiert a wat d'Spillreegele sinn.

Dat berufflecht Eraklammen ass zweiwellos eng ganz wichteg Etapp am Ausbildungsprozess. Se erméiglecht et Iech, d'Realitéit vun engem Beruff kennenzeléieren an eng genau Virstellung dovun ze kréien, wat fir eng Karriär Dir wëllt maachen. Et ass och d'Geleeënheet, wäertvoll praktesch Erfarungen um Terrain ze sammelen a mat potenziellen Employeuren a Kontakt ze trieden.

Déi éischt Schrëtt an d'Betribswelt sinn awer och mat villen Ongewëssheete verbonnen, besonnesch, wat de legale Kader fir d'Beschäftegung vun de Schüler oder Studente betrëfft.

Zënter dem Gesetz vum 4. Juni 2020, dat e Stagëregimm fir d'Schüler an d'Studenten aféiert, sinn d'Stagen, déi am Kader vun engem Ausbildungsprogramm organiséiert ginn, an d'Stagen, déi op fräiwëlleger Basis ausserhalb vum Schoulprogramm gemaach ginn, reglementéiert.


An dëser Broschür ginn Är Rechter a Beschäftegungskonditiounen erkläert. Mee anstatt eis op d'Stagen ze limitéieren, hu mer decidéiert, eis och mam Theema vun der Beschäftegung vu Jonken wärend de Schoulvakanzen a parallel zum Studium ze befaassen, fir Iech méi e vollstännegen Abléck an d'Gesetzgeebung ze ginn.

Dës Broschür soll eng Äntwert op follgend Froe ginn:

- Wat sinn dem Stagiaire oder dem jonke Salarié seng Rechter?
- Wat sinn dem Patron seng Flichten?
- Wat fir eng Zorte Stagë ginn et a wéi mussen se organiséiert sinn?
- Wat fir eng Remuneratioun gesäit d'Gesetz vir?
- Ass et méiglech, ze schaffen a parallel ze studéieren?

Mir hoffen, datt dës Broschür Iech wärend Ärem ganze Schoul- a Studieparcours nëtzlech wäert sinn.





# VIRWUERT

**Gianni DI PAOLI**
*Vizepresident*
*Representatioun ACEL*

Léif Lieserin, léiwe Lieser,

Ee Stage wärend dem Studium oder dem Lycée kann Iech hëllefen wichteg éischt Schrëtt an der Aarbechtswelt ze maachen an esou Erfarungen am Beruffsliewen ze sammelen. Sief et een obligatoresche Stage, den et Iech erméiglecht dat wat Dir op der Uni oder am Lycée geléiert hutt praktesch unzewenden, oder ee fräiwëllege Stage, deen Iech eng Hëllef bei der Orientatioun fir Är Zukunft ka sinn.

2020 ass d'Stagegesetz a senger éischter Form gestëmmt ginn, dëst huet et erméiglecht de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg ee legale Kader ze ginn. Esou ass de gerechten Zougang zu engem Stage garantéiert an d'Stagen hunn eng eenheetlech Reglementatioun. 2023 gouf d'Stagegesetz dann och eng éischte Kéier ugepasst. Hei goufen ee puer Detailer ugepasst, ausserdeem fält elo all Stage vu Schüler:innen a Student:innen zu Lëtzebuerg ënnert dëst Gesetz.

Fir Iech all d'Informatiounen am Kader vun dësem Gesetz mei einfach verständlech ze maachen a wat dat fir Iech heescht wann Dir ee Stage wärend der Uni oder dem Lycée wëllt maachen, ass dës Publikatioun an Zesummenaarbecht mat der CSL (Chambre des salariés) ausgeschafft ginn, ee grousse Merci u si fir déi gutt Kooperatioun.

Hei kennt Dir Iech een Iwwerbléck iwwer déi wichtegst Aspekter zu Stage maachen a fannt och Äntwerten op déi meescht vun Äre Froen. Falls dann awer emol eng méi spezifesch Fro virun, wärend oder och no Ärem Stage sollt opkommen op déi Dir hei keng Äntwert fannt, kennt dir Iech natierlech och ëmmer direkt un eis, d'CSL oder un en aneren Acteur aus dem Secteur wenden, méi Informatiounen dozou fannt Dir zum Schluss vun dëser Publikatioun.



# I. ALEEDEND ERKLÄRUNGEN

## Wat ass den Ënnerscheed tëschent engem Stage an engem Studentenjob?

E Stage ënnerscheet sech doduerch vun engem Studentenjob, datt de Schwéierpunkt op der Informatioun, der Orientéirung an der Ausbildung vum Stagiaire läit. En huet virun allem en edukativen Zweck. Jee no Dauer an Zort vum Stage, muss de Stagiaire bezuelt ginn.

Am Kader vun engem Studentenjob bitt de Jonken dem Employeur seng Servicer géint eng Remuneratioun wärend oder ausserhalb de Schoulvakanzen un. Den Employeur kann e Schüler oder Student iwwert e Studentekontrakt[1] oder befristeten Aarbechtskontrakt (CDD) astellen, fir Employéë wärend hirem Congé z'ersetzen oder méi eng grouss Aarbechtslaascht ze bewältegen.

E Student, deen e Stage mécht, däerf allerdéngs keng Tâchen iwwerhuelen, déi e Rendement verlaangen, dee mat deem vun engem normale Salarié vergläichbar ass. De Code du travail gesäit vir, datt de Stagiaire weeder fest Aarbechtsplazen, nach en Employé, dee grad net do ass, däerf ersetzen an datt e net däerf agesat ginn, fir eng ze grouss temporär Aarbechtslaascht ze bewältegen.

E Stage gëtt och vun engem Tuteur encadréiert, deem seng Aufgab et ass, de Stagiaire ze begleeden, en ze guidéieren an e wärend deem ganze Stage ze beroden.

1 Kontrakt fir d'Beschäftegung vu Schüler oder Studenten



# II. OBLIGATORESCH STAGEN AM KADER VUN ENGER AUSBILDUNG

## Ëm wéi eng Stagen handelt et sech?

Hei sinn obligatoresch Stagë gemengt, déi am Kader vun engem Ausbildungsprogramm vun enger lëtzebuergescher oder auslännescher Bildungsariichtung verlaangt ginn (z.B. Stagen, déi am Kader vun engem Bachelorofschloss, BTS oder Masterofschloss virgeschriwwe sinn), awer och Stagen déi Deel vun Ausbildungsprogramme sinn, déi op reglementéiert Beruffer (Dokter, Gesondheetsberuffer, Schoulmeeschter, Architekt...) virbereeden.

## Wéi eng Stage sinn net betraff?

Fir bestëmmt Kategorië vu Stagë gëlle besonnesch gesetzlech Bestëmmungen.

Dëst Kapitel gëllt net fir:

- **Stagen an der Beruffsausbildung**

  Et handelt sech hei ëm obligatoresch Stagen am Kader vun der Beruffsausbildung, déi zu engem Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP), engem Diplôme de technicien (DT) mee och zu engem Brevet de technicien supérieur (BTS) oder engem aneren Diplom, deen am Kader vum Apprentissage transfrontalier organiséiert gëtt, féieren. Dës Stagen ënnerleien den Artikelen L.111-1 bis L.111-12 vum Code du travail an den entspriechende groussherzogleche Règlementer. Weider Informatioune fannt Dir an der Publikatioun „Mes droits et obligations d'apprenti" op:

  www.csl.lu
  Rubrik: Bibliothèque > Publications > Jeunes

- **Schoul- oder Beruffsorientéierungsstagen („Schnupperstagen")**

  Et handelt sech hei ëm kuerz Orientéierungsstagen, déi de Lycée oder de SEPAS (Service psycho-social et d'accompagnement scolaires) am Secondaire organiséiert.

## Wou kann een e Stage maachen?

Et besteet d'Méiglechkeet, e Stage an engem Betrib, enger Associatioun, enger ëffentlecher Ariichtung oder am konventionnéierte Secteur zu Lëtzebuerg ze maachen.

## Wéi vill Stagiairë kann e Betrib ophuelen?

Fir dës Zort Stage ass keng Limitt virgesinn.

## Wien ass de Patron de stage?

De Patron de stage kann de Chef vum Betrib oder säi Vertrieder sinn. De Patron de stage kann d'Tâchen, déi mat de Stagen zesummenhänken, un eng Vertrauenspersoun delegéieren, ënner anerem un de Personalchef oder un d'Persoun, déi fir d'Ausbildung responsabel ass.

## Muss de Stagiaire vun engem Tuteur encadréiert ginn?

Jo, all Stagiaire muss en Tuteur hunn, deem seng Responsabilitéit et ass, de Stagiaire esou gutt wéi et geet am Betrib z'integréieren, en ze superviséieren, dem Stagiaire seng Froen ze beäntweren a Rotschléi an Uleedungen ze ginn.

Fir Stagen, déi minimum 4 Wochen daueren, muss den Tuteur zum Schluss vum Stage eng kritesch an detailléiert Appreciatioun ginn.

## Wat fir eng Konditioune muss de Stage erfëllen?

De Stage muss informéieren, orientéieren an eng professionell Ausbildung bidden.

De Stagiaire däerf keng Tâchen iwwerhuelen, déi e Rendement verlaangen, dee mat deem vun engem Salarié vergläichbar ass. En däerf weeder eng fest Aarbechtsplaz, nach en Employé, dee grad net do ass, ersetzen a kann net agesat ginn, fir eng ze grouss temporär Aarbechtslaascht ze bewältegen.

All Stagiaire muss en Tuteur hunn.

## Muss eng Stagëkonventioun ënnerschriwwe ginn?

Jo, de Stagiaire oder säi gesetzleche Vertrieder, wann de Stagiaire mannerjäreg ass, de Patron de stage an, gegebenenfalls, d'Bildungsariichtung mussen eng Stagëkonventioun ënnerschreiwen.

Meeschtens gesäit d'Bildungsariichtung eng Stagëkonventioun fir d'Stagë vir, déi am Kader vun hiren Ausbildungsprogramme stattfannen.

## Wat muss an der Stagëkonventioun stoen?

An der Stagëkonventioun musse folgend Informatiounen erwäänt ginn:

- d'Tâchen, déi dem Stagiaire uvertraut ginn;
- d'Datumer, wéini de Stage ufänkt an ophält an déi maximal Unzuel vu Stonnen, déi de Stagiaire pro Woch leescht;
- d'Modalitéiten ënner deenen de Stagiaire däerf feelen, besonnesch fir sech bei engem potenziellen Employeur virzestellen;
- dem Stagiaire seng Indemnisatioun, am Fall wou eng virgesinn ass;
- dem Tuteur säi Numm;
- all d'Virdeeler, vun deenen de Stagiaire profitéiere kann (z.B. Avantage-en-naturen am Zesummenhang mam Iessen, der Ënnerkonft oder dem Remboursement vu Frais'en);

- d'Sozialversécherungen, duerch déi de Stagiaire ofgedeckt ass, ënner anerem, wat d'Onfallversécherung ubelaangt;
- d'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun eesäiteg oder a géigesäitegem Averständnes virum Enn vum Stage ze kënnegen.

Weider Informatioune fannt dir op:

www.csl.lu
Rubrik: Bibliothèque > Modèle-types > MT 3ter - Convention de stage obligatoire

## Wat ass d'Maximaldauer vun engem Stage?

Fir dës Zort Stagen ass keng Limitt virgesinn.

## Huet de Stagiaire Usproch op eng Indemnisatioun?

De Patron de stage ass net derzou verflicht, dem Stagiaire eng Indemnisatioun unzebidden, wann de Stage am Ganze manner wéi 4 Wochen dauert.

Wann de Stage 4 Wochen oder méi laang dauert, da muss d'Indemnisatioun mindestens 30% vum onqualifizéierte Mindestloun entspriechen.

Stageperioden déi beim selwechte Patron de Stage innerhalb vum selwechte Schoul- oder Studiejoer absolvéiert ginn, ginn zesummegerechent a gëllen als een eenzege Stage.

Et ass dem Patron de stage natierlech iwwerlooss, dem Stagiaire méi ze bezuelen, wann hien dat wëll.

## Wat geschitt, wann d'Bildungsariichtung d'Indemnisatioun vum Stage verbitt?

Wann d'Bildungsariichtung all Zort vun Indemnisatioun ausdrécklech verbitt an dëse Verbuet eng Konditioun ass, fir datt de Stage unerkannt gëtt, kann eng Ausnam vum Prinzip vun der Indemnisatioun gemaach ginn.

Wann d'Stagëkonventioun, déi vun der Bildungsariichtung erstallt gouf, eng Klausel enthält, déi eng Indemnisatioun verbitt, muss de Stagiaire, éier de Stage ufänkt, dem Aarbechtsminister d'Stagëkonventioun virleeën, fir datt deen attestéiere kann, datt d'Konditiounen, déi am Gesetz virgesi sinn, respektéiert ginn. Wann dës Attestatioun ausgestallt gouf, ass de Patron net verflicht, de Stagiaire ze bezuelen.

| DAUER VUM STAGE | INDEMNISATIOUN | BRUTTOLOUN PRO MOUNT | BRUTTOLOUN PRO STONN |
|---|---|---|---|
| **Manner wéi 4 Wochen** | Net obligatoresch | / | / |
| **4 Wochen oder méi** | Mindestens 30% vum onqualifizéierte Mindestloun, ausser et géif eng Klausel an der Stagëkonventioun déi d'Indemnisatioun verbitt | 771,28 € | 4,46 € |

(D'Montant'en entspriechen dem ab dem 1. Januar 2024 gëltegen Indexstand 944,43.)

## Muss de Stagiaire Steiere bezuelen?

Op Ufro an ënner bestëmmte Konditioune kann den Employeur ganz vun der Steierflicht um Stagiaire senger Remuneratioun befreit ginn. An deem Fall brauch hien dem Employeur keng Fiche de retenue d'impôt virzeweisen.

D'Ufro fir d'Dispens fir d'Steieren op dem Schüler oder Student senger Remuneratioun muss un den zoustännegen RTS-Büro (Bureau d'imposition de la retenue d'impôt sur les traitements et salaires) geschéckt ginn a folgend Informatiounen enthalen:

- der Persoun, déi agestallt gëtt, hiren Numm, hir Matricule (oder hire Gebuertsdatum) an hir Adress;
- den Datum, wéini de Stage ufänkt an ophält;
- de Montant vun der Remuneratioun pro Mount oder pro Dag;
- e Studiecertificat an
- eng Confirmatioun vun der Héichschoul, der Universitéit oder dem Lycée, datt de Stage obligatoresch ass.

D'Autorisatioun gëtt nëmmen ausgestallt, wann de Salaire no Ofzuch vun de Steieren a Sozialversécherungsbäiträg 16 € d'Stonn net iwwerschreit.

*Quell: https://impotsdirects.public.lu*

## Huet de Schüler oder Student Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat fir säi Studium?

Am Prinzip huet de Schüler oder Student, deen e bezuelte Stage mécht, weiderhin Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat. D'Héicht vun der finanzieller Hëllef, déi de Student ka kréien, hänkt vun enger Rei Facteuren of, dorënner säin eegent Gesamtjoresakommes an d'Akommes vum Stot, an deem e lieft. „Mengstudien.lu" (soss „cedies.lu") gëtt Informatiounen iwwert d'Konditioune fir Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat ze kréien an de Montant, deen de Student ka kréien. De Site stellt och e Simulator zur Verfügung, mat deem een déi finanziell Hëllef online berechne kann:

www.mengstudien.lu
Rubrik: Aide financière > Aide financière de l'État AIDEFI

## Muss de Stagiaire bei der Sécurité sociale ugemellt ginn?

Folgend Stagiairë musse net beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) ugemellt ginn:

- d'Schüler an d'Studenten, déi e Stage maache mussen, dee vun enger Lëtzebuerger Bildungsariichtung verlaangt gëtt (duerch der Schoul hir Onfallversécherung ofgedeckt);
- d'Schüler an d'Studenten, déi zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn, an e Stage maachen, dee vun enger Bildungsariichtung verlaangt gëtt, déi am Ausland etabléiert ass (duerch der Schoul hir Onfallversécherung ofgedeckt);
- d'Studenten, déi am Ausland domiciliéiert sinn, an e Stage zu Lëtzebuerg maachen, dee vun enger Bildungsariichtung, déi am Ausland etabléiert ass, verlaangt gëtt an déi an hirem Wunnsëtzland géint de Risiko vun engem Aarbechtsaccident verséchert sinn.

Allerdéngs musse Studenten, déi am Ausland domiciliéiert sinn, e Stage zu Lëtzebuerg maachen, an net géint de Risiko vun Aarbechtsaccidenter an hirem Wunnsëtzland verséchert sinn, beim CCSS ugemellt sinn. Si sinn ze behandelen wéi Salariéë a musse fir all d'Risike bei der Sécurité sociale affiliéiert sinn.

Wann de Stage awer net méi laang wéi 3 Méint pro Kalennerjoer dauert, ass de Stagiaire vun der Kranken- a Pensiounsversécherung befreit a gëtt nëmme géint de Risiko vun engem Aarbechtsaccident verséchert. Et ass ze beuechten, datt d'Maximaldauer vun 3 Méint och am Fall vun engem Cumul vu méi Stagëkontrakter gëllt.

*Quell: https://ccss.public.lu*

## Wat fir aner gesetzlech Bestëmmunge schützen de Stagiaire?

Déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail, wat d'Aarbechtszäiten, déi wëchentlech Rouzäiten, de bezuelte Jorescongé, déi gesetzlech Feierdeeg an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz ugeet, gëllen och fir d'Stagiairen.

Donieft gëllen d'Bestëmmunge iwwer d'Beschäftegung vu jonke Salariéën.

## Huet de mannerjärege Stagiaire opgrond vu sengem Alter e besonnesche Schutz zegutt?

E Stagiaire, dee manner wéi 18 Joer al ass, ass duerch besonnesch Bestëmmunge vum Code du travail geschützt, déi fir jonk Salariéë gëllen.

Sou ass et grondsätzlech verbueden, Jonker mat Tâchen ze beschäftegen, bei deene si spezifesche Risike fir hir Sécherheet a Gesondheet, sou wéi fir hir kierperlech, psychesch, mental, séilesch, moralesch oder sozial Entwécklung ausgesat sinn. Jonker ënner 18 Joer sinn och wat hir Aarbechtskonditiounen ugeet (Aarbechtszäit, Rouzäiten, Aarbecht op Sonndeger a Feierdeeg) besonnesch geschützt. Weider Informatiounen fannt dir op:

www.csl.lu
Rubrik: Vos droits > Jeunes > Durée du travail

## Kann een en Deelzäitstage maachen?

Jo, et ass méiglech, en Deelzäitstage ze maachen, z.B. fir sech parallel op en Exame virzebereeden, sech ëm e kranken Elterendeel oder e klengt Kand ze këmmeren.

Wann de Stagiaire an de Patron de stage eng Stagëkonventioun fir en Deelzäitstage ënnerschreiwen, gëtt d'Maximaldauer vum Stage a Stonne gerechent an d'Indemnisatioun fir d'Aarbechtsstonnen, déi geleescht ginn, gëtt opgrond vum Mindeststonneloun gerechent.

## Wat sinn d'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun ze kënnegen?

D'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun eesäiteg oder a géigesäitegem Averständnis virum Enn vum Stage ze kënnegen, mussen tëschent de Concernéierte festgeluecht ginn. Se mussen an der Stagëkonventioun erwäänt ginn.

## Muss de Patron de stage e Stagëregëster féieren?

Jo, de Patron de stage muss e Stagëregëster féieren. D'Personaldelegatioun muss dëse Stagëregëster jidderzäit kënne consultéieren an de Stagëregëster muss der Aarbechtsinspektioun (Inspection du travail et des mines - ITM) op Ufro zougänglech gemaach ginn.

## Wien iwwerwaacht d'Stagen?

D'ITM suergt dofir, datt déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail ugewannt ginn.

## Wat fir e Geriicht ass bei Sträitfäll zoustänneg?

Bei Sträitfäll am Zesummenhang mat Stagen ass d'Aarbechtsgeriicht zoustänneg.





# III. PRAKTESCH STAGË AUSSERHALB VUM SCHOULPROGRAMM

## Ëm wat fir eng Stagen handelt et sech?

Praktesch Stagë sinn net obligatoresch Stagen, déi de Schüler oder de Student wärend oder direkt no de Studie mécht, fir eng éischt Aarbechtserfarung ze kréien oder sech bei der Wiel vum Studium oder Zousazstudium besser kënnen z'orientéieren.

D'Modalitéiten, déi an dësem Kapitel beschriwwe sinn, beréiere net déi besonnesch gesetzlech oder reglementär Bestëmmungen a Saache Stagen an Ausbildungen.

## Wie kann e praktesche Stage maachen?

Schüler oder Studenten, déi an enger lëtzebuergescher oder auslännescher Bildungsariichtung ageschriwwe sinn a reegelméisseg e Lernzyklus (Secondaire, BTS, Bachelor, Master) besichen, kënnen e praktesche Stage maachen.

Persounen, déi net oder net méi an enger Bildungsariichtung ageschriwwe sinn, gi grondsätzlech net fir dës Zort Stage zougelooss.

Et ginn allerdéngs Ausnamen:

- Persounen, déi e lëtzebuergesche Secondairesofschloss oder en equivalenten Diplom hunn, däerfen e praktesche Stage maachen, ënner der Viraussetzung, datt dee ganze Stage bannent den 12 Méint no der leschter Aschreiwung gemaach gëtt, déi zum Ausstelle vun dësem Diplom geféiert huet;
- Persounen, déi en éischte Cycle op der Héichschoul oder der Uni (Bachelor oder BTS) erfollegräich ofgeschloss hunn, däerfen och e praktesche Stage maachen, ënner der Viraussetzung, datt dee ganze Stage bannent den 12 Méint no der leschter Aschreiwung gemaach gëtt, déi zum Ausstelle vun engem vun de viséierten Diplomer geféiert huet.

An anere Wierder, Persounen, déi e Secondairesdiplom, e BTS oder e Bachelor hunn, hiert Studium grad ofgeschloss hunn an net méi an enger Bildungsariichtung ageschriwwe sinn, hunn direkt nodeems se aus dem Schoulsystem eraus sinn ee Joer Zäit, fir e praktesche Stage ze maachen.

## Wou kann een esou ee Stage maachen?

Et besteet d'Méiglechkeet, e Stage an engem Betrib, enger Associatioun, enger ëffentlecher Ariichtung oder am konventionnéierte Secteur ze maachen.

## Wéi vill Stagiairë kann e Betrib ophuelen?

D'Unzuel vun de Stagen, déi gläichzäiteg an engem Betrib gemaach ginn, däerf 10% vum Personal net iwwerschreiden.

Betriber mat manner wéi 10 Salariéë kënne jeeweils ee Stagiaire ophuelen.

Dës Limitatioune gëllen allerdéngs net am Zäitraum vum 1. Juli bis den 30. September nach mat abegraff.

## Wien ass de Patron de stage?

De Patron de stage kann de Chef vum Betrib oder säi Vertrieder sinn. Hie kann d'Tâchen, déi mat de Stagen zesummenhänken un eng Vertrauenspersoun delegéieren, ënner anerem un de Personalchef oder un d'Persoun, déi fir d'Ausbildung responsabel ass.

## Muss de Stagiaire vun engem Tuteur encadréiert ginn?

Jo, all Stagiaire muss en Tuteur hunn, deem seng Responsabilitéit et ass, de Stagiaire esou gutt wéi et geet am Betrib z'integréieren, en ze superviséieren, dem Stagiaire seng Froen ze beäntweren a Rotschléi an Uleedungen ze ginn.

Fir Stagen, déi minimum 4 Wochen daueren, muss den Tuteur um Enn vum Stage eng kritesch an detailléiert Appreciatioun ofginn.

## Wat fir eng Konditioune muss de Stage erfëllen?

De Stage muss informéieren, orientéieren an eng professionell Ausbildung bidden.

De Stagiaire däerf keng Tâchen iwwerhuelen, déi e Rendement verlaangen, dee mat deem vun engem Salarié vergläichbar ass. En däerf weeder eng fest Aarbechtsplaz, nach en Employé, dee grad net do ass, ersetzen a kann net agesat ginn, fir eng ze grouss temporär Aarbechtslaascht ze bewältegen.

All Stagiaire muss en Tuteur hunn.

## Muss eng Stagëkonventioun ënnerschriwwe ginn?

Jo, de Stagiaire, oder säi gesetzleche Vertrieder, wann de Stagiaire mannerjäreg ass, an de Patron de stage mussen eng Stagëkonventioun ënnerschreiwen.

## Wat muss an der Stagëkonventioun stoen?

An der Stagëkonventioun musse folgend Informatiounen erwäänt ginn:

- d'Tâchen, déi dem Stagiaire uvertraut ginn;
- d'Datumer, wéini de Stage ufänkt an ophält an déi maximal Unzuel vu Stonnen, déi de Stagiaire pro Woch leescht;
- d'Modalitéiten ënner deenen de Stagiaire däerf feelen, besonnesch fir sech bei engem potenziellen Employeur virzestellen;
- dem Stagiaire seng Indemnisatioun, am Fall wou eng virgesinn ass;
- dem Tuteur säin Numm;
- all d'Virdeeler, vun deenen de Stagiaire profitéiere kann (z.B. Avantage-en-naturen am Zesummenhang mam Iessen, der Ënnerkonft oder dem Remboursement vu Frais'en);

- d'Sozialversécherungen, mat deenen de Stagiaire ofgedeckt ass, ënner anerem, wat d'Onfallversécherung ubelaangt;
- d'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun eesäiteg oder a géigesäitegem Averständnis virum Enn vum Stage ze kënnegen.

Déi passend Virlag fannt dir op:

www.csl.lu
Rubrik: Bibliothèque > Modèle-types > MT 3bis - Convention de stage pratique

## Wat ass d'Maximaldauer vun engem Stage?

D'Dauer vun engem praktesche Stage ass op 6 Méint iwwert en Zäitraum vu 24 Méint bei deem selwechte Patron de stage begrenzt.

## Huet de Stagiaire Usproch op eng Indemnisatioun?

De Stagiaire muss net bezuelt ginn, wann de Stage manner wéi 4 Wochen dauert.

Wann de Stage tëschent 4 an 12 Wochen dauert, muss d'Indemnisatioun mindestens 40% vum onqualifizéierte Mindestloun entspriechen.

Dauert de Stage tëschent 13 a 26 Wochen, muss d'Indemnisatioun mindestens 75% vum onqualifizéierte Mindestloun entspriechen.

Stageperioden di beim selwechte Patron de stage, entweder am selwechte Schoul- oder am Studiejoer, oder wärend den 12 Méint no der leschter Schoulaschreiwung ofgeschloss gi sinn, ginn zesummegerechent an als een eenzege Stage ugesinn.

Wann de Stagiaire en éischte Cycle op der Héichschoul oder der Uni erfollegräich ofgeschloss huet, dat heescht, wann e schonn e Brevet de technicien supérieur (BTS) oder e Bachelorofschloss huet, da gëtt de Montant, deen hien ausbezuelt muss kréien, op Basis vum qualifizéierte Mindestloun (SSM) berechent.

Et ass dem Patron de stage natierlech iwwerlooss, dem Stagiaire méi ze bezuelen, wann en dat wëll.

| DAUER VUM STAGE | MINDESTINDEMNISATIOUN PRO MOUNT | | MINDESTINDEMNISATIOUN PRO STONN | |
|---|---|---|---|---|
| | Stagiaire, dee keen 1. Cycle op der Héichschoul oder der Uni ofgeschloss huet | Stagiaire, deen en Diplom vum 1. Cycle op der Héichschoul oder der Uni an der Täsch huet | Stagiaire, dee keen 1. Cycle op der Héichschoul oder der Uni ofgeschloss huet | Stagiaire, deen en Diplom vum 1. Cycle op der Héichschoul oder der Uni an der Täsch huet |
| Manner wéi 4 Wochen | Net obligatoresch | Net obligatoresch | Net obligatoresch | Net obligatoresch |
| 4 bis 12 Wochen | 40% vum onqualifizéierte Mindestloun pro Mount = 1 028,37 € | 40% vum qualifizéierte Mindestloun pro Mount = 1 234,04 € | 40% vum onqualifizéierte Mindestloun pro Stonn = 5,94 € | 40% vum qualifizéierte Mindestloun pro Stonn = 7,13 € |
| 13 bis 26 Wochen | 75% vum onqualifizéierte Mindestloun pro Mount = 1 928,20 € | 75% vum qualifizéierte Mindestloun pro Mount = 2 313,83 € | 75% vum onqualifizéierte Mindestloun pro Stonn = 11,46 € | 75% vum qualifizéierte Mindestloun pro Stonn = 13,37 € |

(D'Montant'en entspriechen dem ab dem 1. Januar 2024 gëltegen Indexstand 944,43.)

## Muss de Stagiaire Steiere bezuelen?

Op Ufro an ënner bestëmmte Konditioune kann den Employeur ganz vun der Steierflicht um Stagiaire senger Remuneratioun befreit ginn.

An deem Fall brauch hie keng Fiche de retenue d'impôt virzeweisen.

D'Demande muss wa méiglech folgend Informatiounen enthalen:

- der Persoun, déi agestallt gëtt, hiren Numm, hir Matricule (oder hire Gebuertsdatum) an hir Adress;
- den Datum, wéini de Stage ufänkt an ophält;
- de Montant vun der Remuneratioun pro Mount oder pro Dag;
- e Studiecertificat, wann et sech ëm e Student oder e Schüler handelt.

D'Autorisatioun gëtt nëmmen ausgestallt, wann de Salaire no Ofzuch vun de Steieren a Sozialversécherungsbäiträg 16 € d'Stonn net iwwerschreit.

*Quell: https://impotsdirects.public.lu*

## Huet de Schüler oder Student Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat fir säi Studium?

Am Prinzip huet de Schüler oder Student, deen e bezuelte Stage mécht, weiderhin Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat. D'Héicht vun der finanzieller Hëllef, déi de Student ka kréien, hänkt vun enger Rei Facteuren of, dorënner säin eegent Gesamtjoresakommes, mee och d'Akommes vum Stot, an deem e lieft. „Mengstudien.lu" (soss „CEDIES") gëtt Informatiounen iwwert d'Konditiounen fir Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat ze kréien an de Montant, deen de Student ka kréien. E stellt och e Simulator zur Verfügung, mat deem een déi finanziell Hëllef online berechne kann:

www.mengstudien.lu
Rubrik: Aide financière > Aide financière de l'État AIDEFI

## Muss de Stagiaire bei der Sécurité sociale ugemellt ginn?

Déi Persounen, déi aus eegener Initiativ e Stage (mat oder ouni Remuneratioun) maachen, musse fir all Risike bei der Sécurité sociale ugemellt ginn.

Wann de Stage allerdéngs manner wéi 3 Méint pro Kalennerjoer dauert, mussen nëmmen d'Bäiträg fir d'Onfallversécherung bezuelt ginn. Et ass ze beuechten, datt d'Maximaldauer vun 3 Méint och am Fall vun engem Cumul vu méi Stagëkontrakter gëllt.

*Quell: https://ccss.public.lu*

## Wat fir eng aner gesetzlech Bestëmmunge schützen de Stagiaire?

Déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail, wat d'Aarbechtszäiten, déi wëchentlech Rouzäiten, de bezuelte Jorescongé, déi gesetzlech Feierdeeg an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz ugeet, gëllen och fir d'Stagiairen.

Donieft gëllen d'Bestëmmungen iwwer d'Beschäftegung vu jonke Salarieeën.

## Huet de mannerjärege Stagiaire opgrond vu sengem Alter e besonnesche Schutz zegutt?

E Stagiaire, dee manner wéi 18 Joer al ass, ass duerch besonnesch Bestëmmunge vum Code du travail geschützt, déi fir jonk Salariéë gëllen.

Sou ass et grondsätzlech verbueden, Jonker mat Tâchen ze beschäftegen, bei deene si spezifesche Risike fir hir Sécherheet a Gesondheet, sou wéi fir hir kierperlech, psychesch, mental, séilesch, moralesch oder sozial Entwécklung ausgesat sinn. Jonker ënner 18 Joer sinn och wat hir Aarbechtskonditiounen ugeet (Aarbechtszäit, Rouzäiten, Aarbecht op Sonndeger a Feierdeeg besonnesch geschützt. Weider Informatioune fannt Dir op:

www.csl.lu
Rubrik: Vos droits > Jeunes > Durée du travail

## Kann een en Deelzäitstage maachen?

Jo, et ass méiglech, en Deelzäitstage ze maachen, z.B. fir sech parallel op en Exame virzebereeden, sech ëm e kranken Elterendeel oder e klengt Kand ze këmmeren.

Wann de Stagiaire an de Patron de stage eng Stagëkonventioun fir en Deelzäitstage ënnerschreiwen, gëtt d'Maximaldauer vum Stage a Stonne gerechent an d'Indemnisatioun fir d'Aarbechtsstonnen, déi geleescht ginn, gëtt opgrond vum Mindeststonneloun gerechent.

## Wat sinn d'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun ze kënnegen?

D'Modalitéiten, fir eng Stagëkonventioun eesäiteg oder a géigesäitegem Averständnes virum Enn vum Stage ze kënnegen, mussen tëschent de Concernéierte festgeluecht ginn. Se mussen an der Stagëkonventioun erwäänt ginn.

## Muss de Patron de stage e Stagëregëster féieren?

Jo, de Patron de stage muss e Stagëregëster féieren. D'Personaldelegatioun muss dëse Stagëregëster jidderzäit kënne consultéieren an de Stagëregëster muss der Aarbechtsinspektioun (Inspection du travail et des mines - ITM) op Ufro zougänglech gemaach ginn.


## Wien iwwerwaacht d'Stagen?

D'ITM suergt dofir, datt déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail ugewannt ginn.

## Wat fir e Geriicht ass bei Sträitfäll zoustänneg?

Bei Sträitfäll am Zesummenhang mat Stagen ass d'Aarbechtsgeriicht zoustänneg.





# IV. BESCHÄFTEGUNG VU SCHÜLER A STUDENTE WÄREND DE SCHOULVAKANZEN

## Wat zeechent däsen Typ Beschäftegung aus?

D'Aarbecht vu Schüler oder Studente wärend de Schoulvakanze gëtt géint eng Remuneratioun, bei engem Employeur am privaten oder ëffentleche Secteur, geleescht.

Dës Beschäftegung ass an éischter Linn net edukativ an den Employeur ka Schüler oder Studenten asetzen, fir Employéen z'ersetzen, déi an der Vakanz sinn, oder fir méi eng grouss Aarbechtslaascht ze bewältegen.

## Wie ka wärend de Schoulvakanzen als Schüler oder Student schaffen?

De Schüler oder Student muss folgend Krittären erfëllen:

- mindestens 15 Joer a manner wéi 27 Joer al sinn;
- an enger lëtzebuergescher oder auslännescher Bildungsariichtung ageschriwwe sinn a reegelméisseg a ganz Deeg e Lernzyklus besichen.

Aner Jonker kommen och a Fro, nämlech:

- Persounen, där hir Schoulaschreiwung zanter manner wéi 4 Méint op en Enn gaangen ass;
- Persounen, déi hire Fräiwëllegendéngscht viru manner wéi 4 Méint ofgeschloss hunn.

Dës Persounen hunn also d'Méiglechkeet e Kontrakt fir d'Beschäftegung vu Schüler oder Studente wärend de 4 Méint direkt nom Enn vun der Schoulaschreiwung oder hirem Fräiwëllegendéngscht ofzeschléissen.

## Gëtt et eng maximal Beschäftegungszäit?

E Schüler oder Student ka fir maximal 2 Méint oder 346 Stonnen an engem selwechte Kalennerjoer (1. Januar bis 31. Dezember) agestallt ginn.

D'Dauer gëtt och a Stonnen ausgedréckt, fir et de Schüler oder Studenten z'erlaben, Deelzäitkontrakter wärend enger oder méi Schoulvakanzen ofzeschléissen. An deem Fall kann déi absolut Gesamtlafzäit vum oder vun de Kontrakter méi laang wéi 2 Méint sinn, ouni awer 346 Stonne pro Kalennerjoer z'iwwerschreiden.

Dës Limitt däerf ënner kengen Ëmstänn iwwerschratt ginn, och net, wann am Laf vum Joer e puer Kontrakter vum Schüler oder Student ofgeschloss ginn, an och net, wann däsen den Employeur wiesselt.

## Muss e Kontrakt ofgeschloss ginn?

Jo, et muss e Kontrakt fir d'Beschäftegung vu Schüler oder Studenten ofgeschloss ginn. Et handelt sech hei ëm e spezifesche Kontrakt, dee keen Aarbechtskontrakt ass.

E muss fir all Schüler oder Student individuell ofgeschloss ginn, spéitstens dee Moment, wou en ufänkt mat schaffen. E kann also net mëndlech ofgeschloss ginn.

De Kontrakt muss an dräifachem Exemplaire ënnerschriwwe ginn. Déi éischt Kopie hält den Employeur, déi zweet kritt de Schüler oder Student an déi drëtt muss den Employeur der Aarbechtsinspektioun (ITM) an engem Zäitraum vu 7 Deeg, nodeems de Schüler oder Student ugefaang huet mat schaffen, virweisen.

Den Employeur kann der ITM de Kontrakt an elektronescher Form via www.guichet.lu schécken.

Wa kee schrëftleche Kontrakt virläit oder wann de Kontrakt ze spéit ofgeschloss gouf, gëtt aus dem Aarbechtsverhältnes en onbefrist Aarbechtsverhältnes.

## Wat muss am Kontrakt stoen?

Am Kontrakt muss Folgendes erwäänt ginn:

- dem Schüler oder Student säin Numm, Virnumm, Gebuertsdatum a Wunnuert;
- dem Employeur säin Numm a seng Adress;
- den Datum, wéini de Stage ufänkt an ophält;
- den Typ vun Aarbecht, déi muss gemaach ginn;
- d'Aarbechtsplaz;
- déi deeglech a wëchentlech Aarbechtszäiten;
- de Salaire, deen ofgemaach ginn ass;
- den Zäitpunkt vun der Bezuelung oder Remuneratioun;
- d'Plaz, wou de Schüler oder Student ënnerbruecht ass, wann den Employeur sech verflicht huet, dem Schüler oder Student eng Ënnerkonft ze besuergen.

## Wéi héich ass dem Schüler oder Student seng Remuneratioun?

D'Remuneratioun, déi dem Schüler oder Student proposéiert gëtt, däerf net manner wéi 80% vum onqualifizéierte Mindestloun entspriechen. Heibäi handelt et sech ëm e Mindestbetrag, dee jee nom Jonke sengem Alter variéiert.

| « REDUZÉIRTE » SOZIALE MINDESTLOUN FIR SCHÜLER A STUDENTEN | | |
|---|---|---|
| Alter | Bruttoloun pro Mount | Bruttoloun pro Stonn |
| **15-16 Joer (80% de 75% vum SSM)** | 1 542,56 € | 8,9165 € |
| **17 Joer (80% de 80% vum SSM)** | 1 645,39 € | 9,5109 € |
| **Ab 18 Joer (80% vum SSM)** | 2 056,74 € | 11,8887 € |

(D'Montant'en entspriechen dem ab dem 1. Januar 2024 gëltegen Indexstand 944,43.)

## Muss de Schüler oder Student Steiere bezuelen?

Op Ufro an ënner bestëmmte Konditioune kann den Employeur ganz vun der Steierflicht um Schüler oder Student sengem Salaire befreit ginn. An deem Fall brauch en dem Employeur keng Fiche de retenue d'impôt virzeweisen.

D'Ufro fir d'Dispens fir d'Steieren op dem Schüler oder Student sengem Salaire muss un den zoustännegen RTS-Büro (Bureau d'imposition de la retenue d'impôt sur les traitements et salaires) geschéckt ginn a folgend Informatiounen enthalen:

- der Persoun, déi agestallt gëtt, hiren Numm, hir Matricule (oder hire Gebuertsdatum) an hir Adress;
- den Datum, wéini de Stage ufänkt an ophält;
- de Montant vun der Remuneratioun pro Mount oder pro Dag;
- e Studiecertificat.

D'Autorisatioun gëtt nëmmen ausgestallt, wann de Salaire no Ofzuch vun de Steieren a Sozialversécherungsbäiträg 16 € d'Stonn net iwwerschreit.

*Quell: https://impotsdirects.public.lu*

## Huet de Schüler oder Student Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat fir säi Studium?

„Mengstudien.lu" (soss „cedies.lu") stellt Informatiounen iwwert d'Konditioune fir eng finanziell Hëllef vum Staat ze kréien bereet. E stellt och e Simulator zur Verfügung, mat deem een déi finanziell Hëllef online berechne kann:

**wwww.mengstudien.lu**
**Rubrik: Aide financière > Aide financière de l'État AIDEFI**

## Muss de Schüler oder Student bei der Sécurité sociale ugemellt ginn?

Den Employeur ass verflicht, eng Déclaration d'entrée beim Centre commun de la sécurité sociale ze maachen, bei där eng Kopie vum Aarbechtskontrakt bäigeluecht muss ginn.

Den Employeur muss de Schüler oder Student nëmme fir d'Onfallversécherung umellen an déi entspriechend Bäiträg bezuelen, woubäi den Taux vun der Cotisatioun vun der Branche ofhänkt, an där den Employeur täteg ass.

Dogéint bezilt den Employeur keng Sozialversécherungsbäiträg fir d'Kranke-, Pensiouns- oder Fleegeversécherung.

Et muss keng Déclaration de sortie fir d'Schüler oder d'Studente gemaach ginn.

## Huet de Schüler oder Student Usproch op Congé a gesetzlech Feierdeeg?

E Schüler oder Student, dee wärend de Schoulvakanze schafft, huet keen Usproch op de bezuelte Jorescongé vu 26 Deeg pro Joer.

Den ausseruerdentleche Congé muss vum Employeur an de Fäll, déi vum Gesetz virgesi sinn, accordéiert ginn (Doud, Gebuert, Plënneren, Hochzäit...), mee e gëtt dem Schüler oder Student keen Urecht op eng Remuneratioun.

Am Géigesaz zu de Salariéën, déi net op engem gesetzleche Feierdag schaffen deen op en Aarbechtsdag fält an normal bezuelt ginn, huet de Schüler oder Student keen Usproch op eng Indemnisatioun, ausser hien huet op dem gesetzleche Feierdag geschafft.

## Huet de mannerjärege Schüler oder Student Usproch op e besonnesche Schutz?

E Schüler oder Student, dee manner wéi 18 Joer al ass, ass duerch besonnesch Bestëmmunge vum Code du travail geschützt, déi fir jonk Salariéë gëllen.

Sou ass et grondsätzlech verbueden, Jonker mat Tâchen ze beschäftegen, bei deene si spezifesche Risike fir hir Sécherheet a Gesondheet, sou wéi fir hir kierperlech, psychesch, mental, séilesch, moralesch oder sozial Entwécklung ausgesat sinn. Jonker ënner 18 Joer sinn och wat hir Aarbechtskonditiounen ugeet (Aarbechtszäit, Rouzäiten, Aarbecht op Sonndeger a Feierdeeg) besonnesch geschützt. Weider Informatioune fannt Dir op:

**www.csl.lu**
**Rubrik: Vos droits > Jeunes > Durée du travail**

## Kann de Kontrakt fréizäiteg gekënnegt ginn?

E Kontrakt fir d'Beschäftegung vu Schüler oder Studente kann a géigesäitegem Averständnis virum ursprénglech geplangten Enndatum gekënnegt ginn.

Béid Parteie kënnen de Kontrakt am Prinzip net eesäiteg kënnegen. Esou kann de Schüler oder Student nëmmen am Fall vun engem schlëmme Verstouss (faute grave) vum Employeur mat direkter Wierkung kënnegen. Op déi selwecht Aart a Weis kann den Employeur de Schüler oder Student nëmmen am Fall vun engem schlëmme Verstouss mat direkter Wierkung entloossen.

## Wien iwwerwaacht d'Beschäftegung vu Schüler a Studenten?

D'Aarbechtsinspektioun (ITM) suergt dofir, datt déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail ugewannt ginn.



# V. BESCHÄFTEGUNG VU SCHÜLER A STUDENTEN MAT ENGEM BEFRISTETEM AARBECHTSKONTRAKT (CDD)

## Wat zeechent dës Zort Aarbecht aus?

Dës Zort Aarbecht erméiglecht et Schüler a Studenten Deelzäit ze schaffen a parallel dozou hir Studien ze maachen. Zu deem Zweck schléisse se e befristeten Aarbechtskontrakt (CDD) mat engem Employeur of.

Dës Zort Aarbecht däerf net mat der Beschäftegung vu Schüler oder Studente wärend de Schoulvakanze verwiesselt ginn.

## Wie ka vun dësem Dispositif profitéieren?

Fir iwwert e CDD agestallt kënnen ze ginn, muss de Schüler oder Student op d'mannst 16 Joer al sinn.

Hie muss doriwwer eraus als Schüler oder Student an enger vu folgenden Bildungsariichtungen oder Formatiounen ageschriwwe sinn:

- am Secondaire oder Secondaire technique zu Lëtzebuerg;
- an enger Ausbildung zu Lëtzebuerg, déi zu engem Brevet de technicien supérieur (BTS) féiert;
- an enger Ausbildung, déi zu engem Bachelor- oder Masterofschloss féiert, oder an enger anerer Ausbildung, déi vun der Uni Lëtzebuerg ugebuede gëtt;
- an enger Héichschoulausbildung, déi zu engem Bachelor- oder Masterofschloss féiert an zu Lëtzebuerg akkreditéiert ass an déi zu Lëtzebuerg vun enger akkreditéierter Bildungsariichtung ugebuede gëtt.

## Wat ass déi maximal Aarbechtsdauer?

D'Lafzäit vum Kontrakt ass op duerchschnëttlech 15 Stonne pro Woch iwwert en Zäitraum vun 1 Mount oder 4 Woche begrenzt.

De Schüler oder Student kann also maximal 60 Stonne pro Mount schaffen, woubäi d'Unzuel vun den Aarbechtsstonne pro Woch variéiere kann, virausgesat, datt déi duerchschnëttlech Unzuel vun Aarbechtsstonne pro Woch iwwert deen Zäitraum, deen uginn ass, 15 Stonnen entsprécht.

## Wat ass d'Maximaldauer vum Kontrakt?

Dës Zort CDD ka méi wéi 2 Mol verlängert ginn, ouni als onbefristeten Kontrakt (CDI) betruecht ze ginn, mee d'Gesamtlafzäit däerf 5 Joer net iwwerschreiden.

## Muss e Kontrakt ofgeschloss ginn?

Jo, de Schüler oder Student an den Employeur musse schrëftlech e CDD ofschléissen.

## Wat muss am Kontrakt stoen?

Am Aarbechtskontrakt musse folgend Informatioune stoen:

- d'Identitéit vu béide Parteien;
- den Datum, wéini den Aarbechtskontrakt uleeft;
- d'Aarbechtsplaz;
- eng Beschreiwung vun den Tâchen an Aufgaben, déi dem Salarié zougewise ginn;
- d'Aarbechtszäit pro Woch, déi tëschent de Parteie festgeluecht gouf;
- d'Modalitéiten, no deenen d'Aarbechtszäit op d'Wochendeeg verdeelt ass. Eng eventuell Ännerung vun dëser Verdeelung kann nëmmen a géigesäitegem Averständnis vun de Vertragsparteie gemaach ginn;
- am Fall wou dëst zoutrëfft, d'Limitten, d'Konditiounen an d'Modalitéiten ënner deenen den Deelzäit-Salarié Iwwerstonnen däerf maachen. Eng eventuell Ännerung vun dëse Limitten, Konditiounen a Modalitéite kann nëmmen a géigesäitegem Averständnis vun de Vertragsparteie gemaach ginn;
- de Basisloun oder d'Basisgehalt an, am Fall wou dëst zoutrëfft, eventuell Lounzouschëss, d'Primmen, d'Gratifikatiounen oder d'Bedeelegungen, déi festgeluecht gi sinn, esou wéi d'Periodicitéit vum Ausbezuelen vun der Remuneratioun, op déi de Salarié d'Recht huet;
- d'Dauer vum bezuelte Jorescongé oder d'Berechnungsmethod vum bezuelte Congé;
- déi méiglech Dauer vun enger Proufzäit;
- all déi ofwäichend oder ergänzend Klauselen, déi vun de Parteie festgeluecht goufen;
- e Verweis op d'Kollektivverträg, déi dem Salarié seng Aarbechtskonditioune reegelen.

Doriwwer eraus mussen och déi spezifesch Klausele fir de CDD dobäigesat ginn:

- den Objet vum Kontrakt: fir op e CDD kënnen zréckzegräifen, mussen d'Parteie genau festleeën, wat fir eng Zort vun zäitlech befristen Tâchen de Salarié am Kader vum Aarbechtskontrakt erfëlle muss;
- den Datum, wéini de Kontrakt ophält;
- den Numm vum Salarié, dee feelt, falls de Kontrakt ofgeschloss gëtt, fir dësen z'ersetzen;
- wann dëst zoutrëfft, d'Klausel fir d'Verlängerung vum Kontrakt;
- wann dëst zoutrëfft, eng Klausel iwwert d'Proufzäit.

Et gëtt drop higewisen, datt dës spezifesch Klauselen an all CDD musse stoen, well e soss als CDI kann agestuuft ginn. E Modell vun engem Kontrakt fënnt een ënner:

**www.csl.lu**
**Rubrik: Bibliothèque > Modèles-types**

## Wéi héich ass dem Schüler oder Student seng Remuneratioun?

Dem Schüler oder Student säi Salaire muss mindestens dem onqualifizéierte Mindestloun entsprieche deen dem Alter no gestaffelt ass.

| SOZIALE MINDESTLOUN (SSM) – ONQUALIFIZÉIERT SALARIÉËN | | |
|---|---|---|
| Alter | Bruttoloun pro Mount fir 15 Std/Woch | Bruttoloun pro Stonn |
| **16 Joer** | 723,07 € | 11,4578 € |
| **17 Joer** | 771,27 € | 11,8855 € |
| **ab 18 Joer** | 964,09 € | 14,8609 € |

| SOZIALE MINDESTLOUN (SSM) – QUALIFIZÉIERT SALARIÉËN | | |
|---|---|---|
| Alter | Bruttoloun pro Mount fir 15 Std/Woch | Bruttoloun pro Stonn |
| **ab 18 Joer** | 1 156,92 € | 17,83 € |

(D'Montant'en entspriechen dem ab dem 1. Januar 2024 gëltegen Indexstand 944,43.)

## Muss de Schüler oder Student bei der Sécurité sociale ugemellt ginn?

Jo, de Schüler oder Student muss bei all de Branchë vun der Sécurité sociale (Kranke-, Pensiouns-, Onfall- a Fleegeversécherung) ugemellt ginn.

Wann de Schüler oder Student net aarbechtsfäeg ass, huet en Usproch op bezuelte Congé maladie.

## Muss de Schüler oder Student Steiere bezuelen?

Jo, um Schüler oder Student sengem Salaire mussen Akommessteiere bezuelt ginn. Hie muss sengem Employeur eng Fiche de retenu d'impôt ofgin. D'Steierverwaltung stellt e Steiersimulator zur Verfügung, mat deem ee seng eegen Akommessteier op der Grondlag vum Betrag, dee versteierbar ass, kann ausrechnen:

**www.impotsdirects.public.lu**
**Rubrik: Barêmes > Personnes physiques**

## Huet de Schüler oder Student Usproch op eng finanziell Hëllef vum Staat fir säi Studium?

D'Héicht vun der finanzieller Hëllef, déi de Schüler oder Student ka kréien, hänkt vun enger Rei Facteuren of, dorënner d'Akommes vum Stot an deem e wunnt, a säin eegent Akommes.

Well de Schüler oder Student, dee parallel zu senge Studie schafft, iwwert en eegent Akommes verfüügt, ass et méiglech, datt en nëmmen op een Deel vun der finanzieller Hëllef vum Staat oder ënner Ëmstänn op guer keng finanziell Hëllef Usproch huet.

Esou gesäit d'Gesetz vir, datt e Student, deem säin eegent Gesamtjoresakommes méi héich wéi 3,5 Mol den onqualifizéierte Mindestloun pro Joer ass, vun der finanzieller Hëllef ausgeschloss ass.

Wann dat eegent Joresakommes tëschent 1 an 3,5 Mol dem onqualifizéierte Mindestloun läit, kënnt nëmmen eng finanziell Hëllef a Form vun engem Prêt a Fro.

„Mengstudien.lu" (soss „cedies.lu") kann zousätzlech Informatiounen bereetstellen iwwert d'Konditiounen fir eng finanziell Hëllef vum Staat ze kréien. E stellt och e Simulator zur Verfügung, mat deem een déi finanziell Hëllef online berechne kann:

**www.mengstudien.lu**
**Rubrik: Aide financière > Aide financière de l'État AIDEFI**

## Huet de Schüler oder Student Usproch op Congé a gesetzlech Feierdeeg?

Jo, Schüler oder Studenten, déi iwwert e CDD agestallt ginn, hunn Usproch op en Undeel vum gesetzlech bezuelte Jorescongé, proportionell zur Dauer vun hirem Aarbechtskontrakt.

Wéi all Salarié, deen Deelzäit schafft, kënne si vun den legalen Feierdeeg profitéieren.

## Huet de mannerjärege Schüler oder Student Usproch op e besonnesche Schutz?

E Schüler oder Student, dee manner wéi 18 Joer al ass, ass duerch besonnesch Bestëmmunge vum Code du travail geschützt, déi fir jonk Salariéë gëllen.

Sou ass et grondsätzlech verbueden, Jonker mat Tâchen ze beschäftegen, bei deene si spezifesche Risike fir hir Sécherheet a Gesondheet, sou wéi fir hir kierperlech, psychesch, mental, séilesch, moralesch oder sozial Entwécklung ausgesat sinn. Jonker ënner 18 Joer sinn och wat hir Aarbechtskonditiounen ugeet (Aarbechtszäit, Rouzäiten, Aarbecht op Sonndeger a Feierdeeg) besonnesch geschützt. Weider Informatioune fannt Dir op:

**www.csl.lu**
**Rubrik: Vos droits > Jeunes > Durée du travail**

## Kann de Kontrakt fréizäiteg gekënnegt ginn?

Am Prinzip ass et verbueden, e CDD virun der Echeance ze kënnegen. Keng vun deenen zwou Parteie kann éier de Kontrakt ausleeft vun hire Flichte befreit ginn, et sief dann, et géing e schlëmme Verstouss virleien.

Wann de Salarié trotz dësem Verbuet de Kontrakt ofbrécht, dann ass en dem Employeur eng Entschiedegung an der Héicht vu maximal engem Mount Salaire schëlleg. Dëse Betrag muss en allerdéngs nëmme bezuelen, wa beim Employeur tatsächlech e Schued duerch déi virzäiteg Kënnegung entstanen ass.

Wéi de Salarié, kann och den Employeur de Kontrakt net virum Datum, dee virgesinn ass, kënnegen, soss muss en eng Entschiedegung bezuelen. Dat entsprécht de Remuneratiounen, déi de Salarié bis zur normaler Echeance kritt hätt. De maximale Betrag, deen de Salarié ka kréien, ass awer op zwee Méint Salaire begrenzt.

Wann de Salarié an den Employeur averstane sinn, kann de CDD a géigesäitegem Averständnes virum ursprénglech geplangten Enndatum gekënnegt ginn.

## Wien iwwerwaacht d'Beschäftegung vu Schüler a Studente mat engem CDD?


D'ITM (Inspection du travail et des mines) suergt dofir, datt déi gesetzlech Bestëmmunge vum Code du travail ugewannt ginn.

## Wat fir e Geriicht ass bei Sträitfäll zoustänneg?

D'Aarbechtsgeriicht ass bei Sträitfäll zoustänneg.







# VI. ANER KONTRAKTER, BERUFFSERFARUNG ZE SAMMELEN

Hei fannt Dir en Iwwerbléck iwwert e puer aner Kontrakter, déi a Fro kommen:

## De Contrat d'initiation à l'emploi (CIE)

De CIE riicht sech u Jonker ënner 30 Joer, déi eng Aarbecht sichen, onofhängeg dovun, ob se en Diplom hunn oder net, an déi op d'mannst zanter 3 Méint bei der ADEM ugemellt sinn. En huet eng Dauer vun 12 Méint, ka maximal ëm 6 Méint verlängert ginn an huet als Zil, de Jonken eng praktesch Ausbildung ze bidden an hir Integratioun um Aarbechtsmaart z'erliichteren. De Jonke gëtt vun engem Tuteur encadréiert a profitéiert vun engem individuellen Ausbildungsplang.

E CIE ka mat all Employeur aus dem ëffentlechen a private Secteur ofgeschloss ginn, och mat kommerzielle Betriber, bei deenen de Staat Aktionär ass (CFL, Post, Lux-Airport...), ënner der Bedingung, datt si dem Jonken um Enn vum Kontrakt eng reell Beschäftegungsperspektiv bidden.

D'Basisindemnitéit läit fir Jonker ënner 18 Joer bei 80% vum onqualifizéierte Mindestloun, fir Jonker, déi 18 Joer oder méi hunn, bei 100%.

Jonk Leit, déi e BTS, Bachelor oder Master hunn, hunn Usproch op 130% vum onqualifizéierte Mindestloun. Weider Informatioune fannt Dir op:

**www.csl.lu**
**Rubrik: Vos droits > Jeunes > Contrat d'initiation à l'emploi**

## De Contrat d'appui-emploi (CAE)

De CAE huet als Zil, jonke Leit, onofhängeg dovun, ob se en Diplom hunn oder net, eng Aféierung an eng praktesch an theoretesch Ausbildung ze bidden, fir hir Kompetenzen ze verbesseren an hir Integratioun oder Reintegratioun um Aarbechtsmaart ze erliichteren. De Jonke gëtt vun engem Tuteur encadréiert a profitéiert vun engem individuellen Ausbildungsplang.

De CAE adresséiert sech u Jonker ënner 30 Joer, déi eng Aarbecht sichen, onofhängeg vun hierem Bildungsniveau, an déi op d'mannst zanter 3 Méint bei der ADEM ugemellt sinn. E CAE ka mat all Employeur aus dem ëffentleche Secteur (Staat, Gemengen, établissements d'utilité publique, Institutiounen...) ofgeschloss ginn.

D'Basisindemnitéit läit fir Jonker ënner 18 Joer bei 80% vum onqualifizéierte Mindestloun, fir Jonker, déi 18 Joer oder méi hunn, bei 100%.

Jonk Leit, déi e BTS, Bachelor oder Master hunn, hunn Usproch op 130% vum onqualifizéierte Mindestloun. Weider Informatioune fannt Dir op:

**www.csl.lu**
**Rubrik: Vos droits > Jeunes > Contrat d'appui-emploi**

## De Fräiwëllegendéngscht

De Fräiwëllegendéngscht bitt eng Léier- an Orientéierungserfarung fir déi Jonk. E ka virun de Studien, virun der Reprise vun engem Studium oder nom Studium stattfannen. E riicht sech u Jonker ënner 30 Joer, déi sech Vollzäit fir e gemengnëtzege Projet zu Lëtzebuerg oder am Ausland engagéiere wëllen.

Am Kader vum Nationale Fräiwëllegendéngscht ënnerstëtzt de Jonken eng Struktur zu Lëtzebuerg bei administrativen, kulturellen, organisatoreschen a Mobilisatiounstâchen. De Jonke ka vun enger professioneller a perséinlecher Ënnerstëtzung bei der Sich no enger Aarbechtsplaz an/oder enger qualifizéierender Ausbildung profitéieren.

E ka sech och un 2 anere fräiwëllege Programmer bedeelegen, an zwar dem Europäesche Solidaritéitskorps oder dem Fräiwëllegendéngscht an der Entwécklungshëllef (SVC). Weider Informatioune fannt Dir op:

**www.volontaires.lu**

# VII. NËTZLECH KONTAKTER

**CHAMBRE DES SALARIÉS (CSL)**

18, rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

Postadress:
B.P. 1263 L-1012 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 27 494 200

csl@csl.lu
**www.csl.lu**

---

**ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER**

Association des Cercles
d'Étudiants Luxembourgeois Asbl.

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-Uelzecht

Tel. : (+352) 20 60 84 84

contact@acel.lu
**www.acel.lu**

---

**INSPECTION DU TRAVAIL ET DES MINES (ITM)**

3, rue des Primeurs
L-2361 Strassen

Postadress:
B.P. 27 L-2010 Lëtzebuerg

Bureauen och zu Dikrech,
Esch-Uelzecht a Wolz

Tel. : (+352) 247 76100

contact@itm.etat.lu
**www.itm.lu**

**AARBECHTSMINISTÈRE (MT)**

26, rue Sainte Zithe
L-2763 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 247-86100
Fax : (+352) 247-86108

info@mte.public.lu
**https://mt.gouvernement.lu**

---

**CENTRE COMMUN DE LA SÉCURITÉ SOCIALE (CCSS)**

4, rue Mercier
L-2144 Lëtzebuerg

Postadress:
L-2975 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 40141-1

ccss@secu.lu
**www.ccss.lu**

---

**STEIERVERWALTUNG - ADMINISTRATION DES CONTRIBUTIONS DIRECTES**
Steierbüroe fir d'Ofhale vu Steieren
op de Gehälter a Salairen
(Bureau RTS)

**https://impotsdirects.public.lu/fr/profil/organigramme/rts.html**

---

**SERVICE NATIONAL DE LA JEUNESSE**

33, rives de Clausen
L-2165 Lëtzebuerg

Postadress:
L-2926 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 247-86465

secretariat@snj.lu
**www.snj.lu**

**MENG STUDIEN (MINISTÈRE FIR FUERSCHUNG AN HÉICHSCHOUL)**

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Lëtzebuerg

Postadress:
B.P. 1101 L-1011 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 247-88650

etudes@mesr.etat.lu
aidefi@mesr.etat.lu
**www.mengstudien.lu**

---

**MAISON DE L'ORIENTATION – HÉICHSCHOUL INFORMATIOUNSSERVICE**

29, rue Aldringen
L-1118 Lëtzebuerg

Postadress:
B.P. 2926 Lëtzebuerg

Tel. : (+352) 247-56417

info@maison-orientation.public.lu
**www.maison-orientation.public.lu**

---

**AGENCE POUR LE DÉVELOPPEMENT DE L'EMPLOI (ADEM)**

19, rue de Bitbourg
L-1273 Lëtzebuerg

Postadress:
B.P. 2208 L-1022 Lëtzebuerg

Agencen och zu Dikrech,
Déifferdeng, Diddeleng, Esch-Uelzecht, Waasserbëlleg a Wolz

Tel. fir Leit, déi eng Aarbecht sichen:
(+352) 247-88888

info@adem.lu
**www.adem.lu**

CHAMBRE DES SALARIÉS
LUXEMBOURG
YOU'LL NEVER WORK ALONE.

ACEL


**CHAMBRE DES SALARIÉS (CSL)**

18 rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg

T. (+352) 27 494 200

www.csl.lu
csl@csl.lu

**ACEL - DE STUDENTEVERTRIEDER**
(Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois Asbl.)

2 avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

T. (+352) 20 60 84 84

www.acel.lu
contact@acel.lu